PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.

Aus de soziale Medie gëtt ee gewuer, dass d'Post aktuell ee Flyer verdeelt, fir erauszefannen, wéi oft de Postbüro zu Rodange benotzt gëtt. An der Vergaangenheet goufe jo schonns eng zech Filialë komplett zougemaach, wat fir Onzefriddenheet bei ville Biergerinnen a Bierger gesuergt huet. De Minister hat den 2te Mäerz 2022 an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°5663 geschriwwen, dass d'Post-Filiale zu Déifferdeng net wäert zougemaach ginn an och nach eng zu Belval opgemaach soll ginn. Fir Mëssverständnesser aus dem Wee ze goen, wier et gutt, wa gewosst wier, op wéi eng Changement d'POST-Clienten sech an Zukunft mussen astellen, wa weider Büroen zou ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Weess de Minister, wéi vill Postbüroen 2022, 2023 an 2024 wäerten zoumaachen? Ëm wéi eng Filialen handelt et sech?

2. Weess de Minister, wéi vill nei Postbüroen a Point POST 2022, 2023 an 2024 wäerten opmaachen? Ëm wéi eng Filialen handelt et sech?

3. Kann de Minister bestätegen oder widderleeën, dass de Postbüro zu Rodange seng Diere wäert zoumaachen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député